la combe des eaux bleues

Zwee Fëscher vum Flyfishing Club aus Lëtzebuerg haten geplangt fir den 12. an 13. November zesummen fëschen ze goën. Deen éischten Dag wollten Sie heibäi zu Saulxures um Lac de la Moselotte fëschen fir dann unschléissend, nodeems Sie d´Nuecht zu Saulxures an éngem um Séi geleënen Chalets verbruecht hun, dann Moies fréih weider ze fueren op Écot – la – combe op een neien Site ewou mir nach net gefëscht hun, **la combe des eaux bleues**. Sie haten et den éischten Dag zu Saulxures richtég gudd mam Wieder erwëscht, woren et dach iwwer 20° an den ganzen Dag iwwer huet d´Sonn geschéint. Ewei Sie dun Mëttespaus op der Terasse vum Restaurant gemeet hun, haten Sie näischt Besseres ze din ewei mir unzeruffen an mir d´Zong laang ze maachen ewei schéin et dach zu Saulxures wär an dass deen neien Site deen Sie willten den Dag duerno entdecken dach bestëmmt och interessant wär fir eisen Club zeemols ewou dësen nëmmen 210 km vun Esch aus eweg läit. Dat hat natiirlech Wirkung bei mir hannerloos an, nodeems ech feu vert vun ménger léiwer verständnisvoller Fra kritt hat, hun ech mech spontan Mëttes um véier Auer no der Aarbecht an den Auto gesat an schon wor ech ënnerweë fir déi Aventure mat méngen zwee Kollegen ze deelen. Zu Saulxure unkomm hun mir dun bis an d´Nuecht eran bei énger gemitlecher „ Raclette“ Pläng gemeet ewei mir et den nächsten Dag willten ungoën.

Deen anneren Dag hun mir eis um sechs Auer Moies op den Weë fir op Écot – la – combe gemeet ewou mir no zwou Stonnen Fuerzäit unkomm sin. Den Site vun la combe des eaux bleues häten mir heibäi ouni Navi wahrscheinlech net fond, läit dësen dach an énger ländlecher Géigend an ass haaptsächlech iwwer kléng Niewenstroossen ze ereechen. Den Site ass ronderëm een aalt Paschtoueschhaus ungeluecht andeem sech och d´Zëmmeren befannen ewou een iwwernuechten kann. Op der Internetsäit vum Site ass dësen folgender Moossen beschriwwen, **Perdue au fond des plateaux calcaires haut-marnais, „ La combe des eaux bleues " séduit par son cadre naturel préservé et son charme. Le plan d´eau aux eaux limpides réunit les conditions pour que les moucheurs puissent assouvir pleinement,** deem ass am Fong gehol näischt méi bäi ze fügen ewell mir et och genee esou empfond hun ewoubäi een awer vun vireran muss soën dass dësen Site haaptsächlech fir déi Méckenfëscher éng Offenbarung ass déi sech der drechener Méck an der Nymphe a vue verschriwwen hun ewell duurch den intensiven Bewues mat Waasserplanzen dës Methoden sech am Beschten eegenen. Mée dat mécht awer och den ganzen Charme vun dësem Site aus deen domader eppes ganz Besonnesches ass an mat Sécherheet ee bëssen aus der Reih danzt vun deem wat mir normalerweis op eisen Destinatiounen begéinen.

Um Site unkomm huet eis den Gérant vum Site bei énger gudder Taas Kaffi den Site am Détail virgestallt an ass och op d´Reglement angaangen, heibäi ass et schon wichtég dass den Gérant dat an aller Ausféierlechkeet gemeet huet ewell dësen Site dach gewëssen Begebenheeten huet déi een kënnen muss. Niewend éngen groussen Weiher bestëcht den Site duurch séng vill kléng Kanäl déi iwweraus fëschräich sin an déi ënnerennen mat kléngen Brécken iwwert d´Waasser verbonnen sin déi ëmmer nëmmen een Fëscher nom Anneren dierf benotzen. Och ass op énger Plaz den Iwwergang nëmmen mat éngem Naachen ze bewirkstellegen deen un éngem Seel dat vun Bam zu Bam gespaant ass eriwwer gezun gët. d´Reglement ass unsech séier erklärt ewell niewend dem Verbued vun Bobbyën an Blop´ën kéng Restrictiounen hinsichtlech den Mécken bestin ewoubäi natiirlech d´Mécken keen Widerhacken dierfen hun. Et dierf och nëmmen mat énger Méck gefëscht gin an beim benotzen vun den Booter soll een d´Schwammwesten undoën déi bereet leien wat awer nëmmen gesot gin ass ewell den Gérant d´Leit aus Versécherungsgrënn muss dorop hinweisen mée wat awer jideréngem selwer iwwerloos ass. Éiert een den Site betrëtt muss een séng Waders an séng Épuisette desinfizéieren an énger Bidden déi mat éngem Desinfizéiermëttel gefëllt heifir bereet steet.

Mir haten eis Moies zu Fouss op den Weë gemeet fir den Site ze entdecken an Mëttes woren mir mat den Booter erausgefour. Et wor dann och direckt gudd las gaangen ewell den Patrick schon bei éngem vun den éischten Wërf éng schéin Réebouforell landen konnt. Den Fëschbestand setzt sech dann och haaptsächlech aus Réebouforellen an dodernieft och Saiblingen an Baachforellen zesummen ewoubäi déi zwou lescht genannten Zorten awer éischter seelen unzetreffen sin. Nodeems mir festgestallt haten dass et awer guer net esou einfach wär hei ze fëschen ewell den dichten Bambestand geheien zimlech schwéier mécht, sin mir dun op den Labyrinth vun Kanäl gestouss déi ennerteneen mat kléngen Pontonën verbonnen woren an ewou een zum Schluss duurch een Iwwergang am Waasser op éng kléng Insel mat Pavillon gelaangen konnt. Hei haten mir a bee mol den Dréih eraus an konnten mat der Nymphe a vue an naassen Mécken vill schéin Fësch fänken ewoubäi sech den Patrick als richtegen Könner vun der Nymphe a vue gewissen huet an den Petzi mat der naasser Méck fatzég dobäi gemeet huet an ech .... alt dat Bescht draus gemeet hun, mée ech hun jo och missen Fotoën machen an filmen an ewell Sie esou gudd gefaangen hun ass mir alt net méi vill Zäit bliwwen fir selwer vill Fësch ze fänken, wann ech dann eemol éng Kéier net mat der Méck an éngem Bam oder énger Heck hung.

Um halwer éng hun mir dun zu Mëtteg giess wat fir eis éng wëllkommen Ënnerbriechung wor ewell dat villt Indianerfëschen dach ganz unstrengend wor. Och beim Mëttegiessen huet et eis un Näischt gefeelt, et gouf Thon als Entrée, als Haaptplat Schwéngefleesch mat énger Moschtertzooss an Fritten an als Ofschloss konnte en teschent véier Dessertën wielen, ech hat mech fir Tiramisou entscheed an den Petzi wollt se alle véier, wat natirlech net gaangen ass.

Mëttes nom Iessen sin mir dun mat den Booter erausgefour, och mam Boot fueren ass duurch deen dichten Bewues ënner Waasser net esou ganz einfach, mée fir um Haaptweiher ze fëschen ass dat awer éng Erliichterung. Och heibäi konnten mir vill schéin Fësch fänken ewoubäi eis Ruderparti och ganz lëschteg wor an mir herno den Bauch wéih haten vun laachen. Mir hun och Mëttes haaptsächlech Nymphe a vue gefëscht ewoubäi den Petzi awer och mat der drechener Méck konnt Fësch fänken. Et muss een och soën dass den Waasserstand extrem niddrég wor et konnt een un den Sténg gesin ewei den normalen Stand ass an do hun awer gudd 30 cm Waasser gefeelt esou dass wann den Waasserstand normal ass et bestëmmt méi einfach ass fir ze fëschen an och fir ze ruderen. Mir hun och ewei ëmmer gefëscht bis et däischter wor an zum Schluss ass den Patrick dann och nach schwammen gaangen esou dass et eis am Fong gehol un Näischt gefeelt huet, d´Bedreiwer vum Site haten eis ganz häerzlech empfaangen an hun eis während eisem Openthalt beschtens encadréiert. Fir méi Informatiounen iwwert den Site gewuer ze gin wat zum Beispill d´Unrees, d´Gréisst vum Weiher, d´Originen vum Site oder och nach d´Géigend vun Écot – la – combe betrëfft, kann een op der Internetsäit an aller Ausféierlechkeet ënnert, **lacombedeseauxbleues**.com/ , noliesen.

SIMMS

Welcome - Wilkomen
Bienvenue
À la Combe
des Eaux Bleues
Mouche passion, nature et patrimoine